N°2354
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2354 vum 22. Mee 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Wat ass déi konkret Ursaach firwat d'Antenn fir diagnostesch Bildgebung vun den Hôpitaux Robert Schumann op der Cloche d'or net a Betrib ka geholl ginn? Hu mir hei erëm deen nämmlechte Fall wéi um Potaschbierg? Wann nee, firwat dierf deen Zentrum net opmaachen.*

No den Dispositioune vum Artikel 4 (1) vum Spidolsgesetz (...) kann ee Centre hospitalier eng Demande erareeche fir een zusätzleche Spidolssite an och Antenne vu Spidolsservicer unzrefroen. No Instruktion vun den néidegen Ennerlage gëtt virun der Genehmegung duerch de Minister all Demande fir ee Site an eng Antenn opzemaachen, der Commission permanente pour le secteur hospitalier (CPH) pour avis virgeluecht.

Den Dossier betreffend den zousätzleche Site vun den Hôpitaux Robert Schuman op der Cloche d'Or, mat der Antenn fir medezinesch Bildgebung, gouf Enn Abrëll 2025 un de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet gescheckt. D'Gesondheetsdirektioun krut dësen Dossier ze analyséieren fir hiren Avis zur medezinesch-pflegerescher Organisation vum Site an vun der Antenn vum Service opzestellen, mam Zil dësen esou séier wéi méiglech der CPH virzeleeën.

*2. Wat sinn déi konkret Ursaache fir de Stëllstand bei de Verhandlungen tëscht der CNS an de Vertrieder vun de Spideeler?*

*3. Handelt et sech hei ëm e Problem vu politeschem Wëllen oder ginn d'Verhandlunge gebremst, respektiv gesteiert, fir d'Käschten ze deckelen?*

*4. Wat gedenkt d'Regierung z'ënnerhuelen, fir d'Diskussiounen tëscht der CNS an de Spideeler nees a Beweegung ze bréngen?*

D'Verhandlungen tëscht der CNS an der Fédération des Hôpitaux Luxembourgeois (FHL) fir d'Methodologie fir d'Berechnung vun de Forfaiten am Kader vun den Antenne festzeleeë sinn nach net formell ofgeschloss mee béid Säiten hu sech iwwert d'Methodologie kënnen eens ginn an et gëtt een Accord de principe. Dem Ministère ass demno kee Stëllstand bekannt.

*5. Am Koalitiounsaccord ass festgehale ginn, dass d'Regierung d'Noutwennegkeet gesäit, de gesetzlechen an de regulatoresche Kader am Beräich vun de medezinesche Forfaiten z'iwwerpréiwen, respektiv z'aktualiséieren. Wou ass d'Regierung mat der Iwwerpréiwung drun? Wat sinn d'Conclusiounen aus der Iwwerpréiwung? Wéini ginn déi dréngend noutwenneg Aktualiséierunge virgeholl?*

Sollten sech aus de Verhandlungen an Diskussiounen Elementer erginn déi missten ugepasst ginn, da géif dat mat an d'Arbechten opgeholl ginn.

*6. Ass der Regierung bewosst, datt de Stëllstand bei de Verhandlunge riskéiert, am Kontext vum aktuelle Bevëlkerungswuesstem, d'Waardezäite vun de medezinesche Rendezvousen nach méi ze verlängeren an domat zu enger onsécherer Situatioun fir d'Patienten ze féieren? Wa jo, mat wéi enge Waardezäite fir IRM-Rendez-vouse rechent d'Regierung fir déi kommend Joeren (Projektiounen)?*

D'Regierung ass sech bewosst, dass den aktuellen demographesche Wuesstem an Zukunft zu méi laange Waardezäite fir medezinesch Diagnostik Rendez-vousen, inklusiv fir IRM Ënnersichungen, kéint féieren.

Am Kontext vum aktuellen Bevëlkerungswuesstem analyséieren den M3S an d'Gesondheetsdirektioun d'Dispositioune vum Spidolsgesetz déi eventuell ugepasst misste ginn, engersäits bei der Zuel vun den Better pro Spidolsservice, an anerersäits de Genehmegungskader fir medezinesch Apparater.

Laut Donnéeë vum Nationale Gesondheetsobservatoire goufen am Joer 2023 zu Lëtzebuerg 75,8 % vun den IRM-Exame bannent 60 Deeg nodeems de Rendez-vous geholl ginn ass duerchgefouert, dorënner ronn 20 % bannent 15 Deeg. Dëst weist, dass – jee no klinescher Prioritéit – IRM-Examen an engem Délais tëscht 15 Deeg an 2 Méint disponibel sinn.

*7. Wéi héich belafen sech aktuell d'Ënnerhaltskäschte fir Apparater, déi zwar funktiounsfäeg sinn, awer momentan net am Asaz sinn? Wie muss dofir opkommen?*

Den M3S huet keng Donnéeën zu deser Fro. D'CNS iwwerhëllt d'Käschten, nodeems den zousätzleche Siten an d'Antenn vum Service genehmegt sin.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez